LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service national de la jeunesse

# Synthees 4e Rendez-vous du Cadre de référence – Jeunesse (06.11.24)




Den nationale Cadre de référence fir déi non-formal Bildung, deen 2016 a senger 1. Editioun erauskoum, muss reegelméisseg den Entwécklunge vun der Gesellschaft a vum Secteur ugepasst ginn. Déi nächst Editioun, déi fir Enn 2025 geplangt ass, soll am Austausch mam Secteur ausgeschafft ginn. Aus dësem Grond ginn an de Joren 2023-2025 Echangen, ënnert dem Numm "Les Rendez-vous du Cadre de référence" (les RdV du CRN), mam Secteur organiséiert. Dës Rendez-vous'e gi vum Service national de la jeunesse organiséiert.

Um 1. Rendez-vous gouf iwwert déi allgemeng Notzung vum Cadre de référence, d'Bild vum Jonken an d'Haltung vum Pedagog / vun der Pedagogin geschwat. Um 2. Rendez-vous goufen déi verschidde Rolle vun de PedagogInnen thematiséiert. Um 3. Rendez-vous stoung d'Thema Grenze vun de verschiddene Forme vun der Jugendaarbecht am Mëttelpunkt.

Um 4. Rendez-vous gouf, op Basis vun de Resultater an Aussoe vun de Rendez-vouse vu virdrun, den neie Kader fir de Jugendsecteur virgestallt. De Kader an domadden d'Ofgrenzung vum Jugendsecteur zu anere Beräicher, wou och Jugendaarbecht geleescht gëtt, definéiert sech iwwert 8 Sloganen.

An enger éischter Phase goufen dës 8 Slogane méi am Detail presentéiert: *Erfarunge fir Jonker ; Do si fir Jonker ; Jonker encouragéieren ; Brécke baue fir Jonker ; Eng Stëmm fir Jonker; Plaz fir Jonker ; Jonker zesummebréngen ; Verantwortung fir Jonker.*

Uschléissend ass a Gruppe weidergeschafft ginn a follgend **Resultater** kënnen aus den Diskussioune gezu ginn:

- *Slogane vum Jugendsecteur:*

Um leschte RDV gouf festgehalen, dass et wichteg wier, d'Aarbecht déi am Jugendsecteur geleescht gëtt, méi visibel ze maachen an doduerch opzewäerten a seng Grenzen ze kennen. An deem Kader si Slogane fir de Jugendsecteur entstanen. Déi 8 Slogane bilden de Narrativ, fir de Jugendsecteur duerzestellen.

D'PedagogInne sollten sech unhand vun enger Aufgab zu de verschiddene Slogane positionéieren an uginn, mat wéi enge Leitsätz si sech an hirer alldeeglecher Aarbecht am meeschten identifizéieren.

Um RDV hu sech déi meescht PedagogInnen an de Slogane *"Jonker encouragéieren"* erëmfonnt, dono koumen "*Erfarunge fir Jonker*" an "*Do si fir Jonker*".

- *World-Café*

Den Ausgangspunkt beim World-Café ware follgend Beschreiwunge vum staarke Jonken: "*Autonom sinn ; Kreativ sinn ; Solidaresch sinn ; Sech a senger Haut wuel fillen ; Kritesch sinn ; Responsabel handelen*".
An engem éischte Schratt hunn d'Participantë konkret Aufgaben aus hirer Terrainsaarbecht benannt, déi dozou bäidroen d'Zil vum staarke Jonken ze erreechen.
An engem zweete Schratt hunn d'Participanten analyséiert, op déi genannten Aufgaben zum definéierte Beräich vum Jugendsecteur gehéieren, sech am Grenzberäich heizou befannen oder schonn engem anere Beräich vun der Jugendaarbecht, wéi z.B. der Sozialaarbecht, zouzeuerdne sinn.
Fir d'Ofgrenzung vum Jugendsecteur zu anere Beräicher an der Jugendaarbecht visuell duerzestellen, ass beim World-Café d'Bild vun der "Strooss" geholl ginn.
Allgemeng war festzestellen, dass vill Aufgaben, déi genannt goufen, tatsächlech dem Jugendsecteur zouzeuerdne waren, bildlech geschwat, op der Strooss erëmzefanne waren. Nëmme wéineg Aufgaben oder Aussoe waren ausserhalb vun dem Kader situéiert.

Als **Conclusioun** kann zeréckbehale ginn, datt trotz der Vilfalt u Servicer d'Sloganen eng gemeinsam Identitéit schafen, déi zu méi Kloerheet, Visibilitéit an Unerkennung bäidroen.

<u>Den nächste Rendez-vous du Cadre de référence - Jeunesse fënnt Mëttwochs, den 18. Juni 2025 bei de Soeurs Franciscaines um Belair statt.</u>